adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11. Mee 2020

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizminister weiderzeleeden.

Am SCAS ginn Entretienen och gefilmt. An deem Kontext wéilte mir der Madamm Justizminister gär folgend Froe stellen:

1. Wéi eng Gespréicher ginn am SCAS gefilmt oder soss opgeholl? Wéi eng legal Basis existéiert dofir?
2. Wéi eng Reegele fir den Dateschutz ginn hei applizéiert? Wien huet Zougréff op dës Opnamen?
3. Wat geschitt mat deenen Enregistrementer? Sti si och deene Persounen zur Verfügung, déi gefilmt goufen? Kënnen dës Persounen d'Zerstéierung vun deenen Opname verlaangen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

Roy Reding
Deputéierten